

Schank), Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par M. Gusty Graas), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Jeannot Belling), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Alexandre Krieps), John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch et M. Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Robert Mehlen), Aly Jaerling et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

S'est abstenu: M. Aloyse Bisdorff.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir maachen dann d'Lecture vum Article unique vum Projet de loi 4667 iwwert e Besteierungssofkomme mat Portugal a stëmmen doriwwer of.

Lecture du texte du projet de loi 4667 (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen dann elo iwwert de Projet de loi 4667 of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 4667 et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet ass eestëmmeg ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung (par M. Willy Bourg), Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par M. Claude Meisch), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Jeannot Belling), John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi (par M. Mars Di Bartolomeo);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zum Vote vum Projet de loi 4553. D'Lecture vun den Artikelen ass scho gemaach ginn.

7. Projet de loi 4553 portant transposition de la directive 97/9/CE relative aux systèmes d'indemnisation des investisseurs et modification de la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier (Suite)

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet ass ugeholl mat 57 Jo-Stëmmen an enger Nee-Stëmm.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung (par M. Marco Schank), Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par Mme Simone Beissel), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Alexandre Krieps), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul

Rippinger, Marco Schroell (par M. Gusty Graas), John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer (par M. Mars Di Bartolomeo), Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi (par M. Alex Bodry);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

A voté non: M. Aloyse Bisdorff.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mir elo zum nächste Punkt op eisem Ordre du jour, an dat ass d'Presentatioun vun der Proposition de loi 4680 vum Här Garcia iwwert d'Schoulkantinnen.

Esou wéi et am Artikel 59 (3) vum Chamberreglement festgehalen ass, stinn dem Auteur vun der Proposition de loi, de Fraktiounen an der Regierung jeweils 10 Minutte Riedezäit zur Verfügung. D'Sensibilités politiques hunn en Urecht op 5 Minuten.

Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Mme Nicklaus-Faber, den Här Fayot an den Här Colombero. D'Wuert huet elo den Auteur vun der Proposition de loi, den honoreblen Här Garcia.

8. Proposition de loi 4680 de M. Robert Garcia relative au service de restauration scolaire pour les enfants fréquentant l'enseignement préscolaire, primaire, postprimaire et supérieur

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG), auteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hoffen, datt et net zu enger Saalflucht kënnt, esou wéi an enger schlechter Kantin, wann ech meng Proposition de loi hei virdroen, well et do keng Jetone gëtt.

Ech wollt kuerz drop agoen, firwat ech déi Proposition de loi hei déposéiert hunn. Den Dépôt vun där Proposition de loi berout eigentlech op zwou Grundlagen. Dat eent ass, datt dës Proposition de loi eng logesch Suite zu där Proposition de loi ass, déi ech virun zwee Méint iwwert d'Structures d'accueil am Préscolaire an am Primaire déposéiert hunn. Do hu mir gesot, datt an deene Structures d'accueil - nieft anere Servicer - och e seriéise Service de restauration fir d'Kanner soll virgesi sinn. Mir haten allerdéngs zu deem Zäitpunkt net déi néideg Kompetenz, fir eis méi staark doriwwer ze äusseren. Mir

hunn awer an der Zwëschenzäit mat Leit vum Terrain Kontakter geknüpft a mir sinn zu der Schlussfolgerung komm, datt een déi Modalitéite misst preziséieren.

Den zweete Grond firwat ech déi Proposition de loi déposéiert hunn, ass well am Milieu concerné vun der Restauration scolaire d'Angscht rondrëm geeschtert, datt d'Politik vun der Regierung lues a lues an d'Richtung vun zentraliséierten industrielle Kiche soll goen, déi dann iwwer eng Liaison à chaud ou à froid géife prefabrikéiert Produkter un d'Schoulrestauration liwweren.

Mir hunn net nëmmen e groussen Echo op déi Proposition de loi aus de Milieux concernés kritt - souwuel vun de Schoulen, wéi och vun de Leit déi do schaffen -, mä och scho virdrun hunn eng ganz Rei Leit eis motivéiert fir déi Proposition de loi ze déposéieren. Ech denken, datt dat eventuell och an der Rentrée wäert en Diskussions-thema ginn, ähnlech wéi d'Rythmes scolaires. Mir sinn nämlech net der Meenung, datt d'Restauration scolaire just en Niewenaspekt vun der Schoulzäit soll sinn, mä et ass extrem wichtig, fir d'Gesondheet vun de Kanner an allen Altersgruppen an et ass och ganz wichtig fir déi spéider Habitudes alimentaires vun de Kanner.

Well ausserhalb vum Elterrenhaus ass d'Kantin, wa si déi besichen, e wichtigen Uert vu gastronomescher Socialisation déi d'Kanner erliewen. Et wäert sech och herno op hir spéider alimentaire Gewunnechten auswierken, wat si während 13 bis 15 Joer an der Schoulkantinn giess hunn.

Mir ginn also an eng diametral opposéiert Richtung zu där Tendenz, datt ëmmer méi prefabrikéiert Produkter vun industrielle Grousskichen an déi jeweileg Schoule geliiwert ginn. De Prinzip vun eiser Proposition de loi geet dovun aus, datt dezentral soll no Méiglechkeet an de Schoule frësch gekacht ginn, an dat op Basis vu gudde regionale Produkter. Dës Produkter solle vu kompetente Kächinnen a Käch ugebuede ginn. D'Kanner sollen och - andeems si déi Produkter zou sech huelen - léieren, fir op eng aner Manéier mam Iessen ëmzagoen.

Ob dat elo e Service public ass - e staatlechen oder e kommunalen -, oder e private Service, ass keng wesentlech Fro. Mir trieden zwar perséinlech fir e Service public an, mä wann et zum Beispill e private Service soll ginn, deen zu ähnleche Konditiounen - esou wéi mir et gär am Gesetz hätten - e Service de restauration scolaire ubidde kann, dann ass dat kee Problem.

Wann een awer als ee vun den Haaptkritäre festhält, datt d'Esse soll vor Ort frësch gekacht ginn, dann ass et kloer, datt grouss Unternehmen a grouss Kichen déi Kritären net kënnen erfëllen. Et soll awer och net bedeiten, datt fir verschidden Aspekter vun der Restauration scolaire - haaptsächlech de Cafeteriabereich - net soll op extern Fournisseuren zréckgegraff ginn, zum Beispill soll hei net deen traditionelle Bäcker, dee seng Saache liwwert, verhënnert ginn. E muss just gewëss Kritäre befollegen, déi mir an deem Gesetz agebaut hunn, an dat iwwregens no enger Consultation vu Spezialisten a Spezialistinnen, déi dora schaffen.